


WANDROUS

N° 348 Lenzmount / Fréileng 2014

März / Abrëll



Kënnt 5 mol pro Joër eraus

Abonnement 25.00 Euro

CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Chefredakteren: Marc Jentges & Patrick Jénin

Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB

E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu

Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Jack Wolfskin



THERMA REST



patagonia



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier

d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joer kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiånsdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiånsdo eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach émmer Cheffen do, di sech ém Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home énnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach émmer gebotzt an énnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausbaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactive Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziert an extrem efficace Manéier hëlfen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnst gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlicht.

Dofir énnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”**
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000

mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Énnen an Uëwen sin keng Limiten gesat.

Natierlech fréen mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konn feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Fréd dobäi!

Hinnen sief vun heians eng dekken MERCI gesoot!

Explorer Raid

Explorer

Salut Explorer,

sou ewéi d 'lescht Joer as och dest Joer nees en Raid, des Kéier verschleit et eis an de welle Westen.

Wéini: den 29. - 30. Maerz 2014

Wou: bei a ronderem Biekerech

Preis: 10€

Weider Info get et béri aeren Cheffen zur Zeit, bis dohin gesi mir eis um Sportsdag.

Aer Explorer Cheffen
Aer Explorer Ekipp



SOUCHE - SOUCHE

Ech erlaaben mèngem Explorer,

.....
mat um Explorer Raid 2014 deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 40 Lèit limitéiert !!!!!**

Ënnerschrëft

SOUCHE - SOUCHE

Des Ouschtervakanz, diefs du
op keen Fall eisen super
flossen Ouschtercamp
verpassen, dofier mell dech
ganz seier un !:-)



Weini?

Vum 5. bis den 6. Abrell

Ufank?

Den 5. Abrell um 11:00 beim Home vun
den Lions Bleus

ENN? Den 6. Abrell um 11:00 beim Home vun den
Lions Bleus

Wat brauch ech? Eng fresch Garnitur Kleeder(dem
Wieder ugepasst),
Gamelle&Becher,
Wäschsaachen(Zennbiecht,
Zennpasta), Schloofsaak, Pijama,
(Schlappen), 1 Kichenduch

Präis? 20 Euro op den Beaver CCP iwerweisen wgl



Heimat erlaaben ech mengem Kand dem
..... den 05.-06 Abrell 2014 um Ouschtercamp vun
Beaver deelzehuelen.

Ennerschreft.....

Invitatioun Sixer Dag 2014

Leif Meutecheffen, Leif Sixer & Second'en,

Gläich ass et esou wäit! Den nächste Sixer Dag steet esou gutt wei virun der Dier, an dowéinst invitéiert d'Wëllfschersekipp vun der FNEL iech all bei deem Dag dobäi ze sinn!

Wéini a wou? **De 5. Abrëll an der Staat**

De Sixer Dag steet dëst Joer dann och ganz énnert dem Thema **100 Joer Scoutissem zu Lëtzebuerg!**

Rendez-vous ass Moies um 9:30 op der Gare, vun do aus gin mir dann all zesummen weider. Eriwer ass et dann um 17:00 Auer op der Gare. Dat ganzt kascht dech 5€ déi op den **Compte: Les Lions Bleus Asbl-Meute (CCPL IBAN Lu64 1111 2581 2205 0000)** ze iwwerweise sinn. Umelle kann een sech bis de 14. Mäerz.

Denk och un deng 5 Saachen an un deng Gamelle.
Loosst iech dat net entgoen!

Lénks Patt,



- SOUCHE - SIXERDAG - SOUCHE - SIXERDAG - SOUCHE - SIXERDAG - SOUCHE - SIXERDAG -

Heimat mellen ech den

..... als Sixer / Second op den Sixerdag
den 5. Abrëll un.
Ech hun déi 5€ op den CCP vun der Meute iwerwisen.

Ennerschreft vun den Elteren


Souche Ouschtercamp

Scouten

En Hike. Trëppelen, op abenteuerlecher Plaatz schloofen an zesummen ronderem d'Feier owes seng beschte Geschichten vum Daag austauschen. Genau daat ass en Hike. An daat mat allem waat ee brauch um Reck an engem Rucksack. Vu Kachdeppen iwwer lessen bis Gasfläschen. Waat awer beschreiw en Hike am beschten? Ee Wuert: Scout! An daat Wuert kënnt ierch alleguerden bekannt wier. Am Virfeld vun desem Camp haate mir daat lescht Joér zesummen gekuckt op waat dir am meeschten Loscht hudd. An genau dése Camp ass dobai erauskomm.

Vu Letzebuerg op Esch, 3 Deeg an nämmen deng Feiss sin wichteg dovir! Kleng Trageten mat aaneren Transportmittel sin natirlech och mat dran.

Wéi wärt de camp ooflaafen? Daat gëss du gewuer, soubaalsdu dech ugemellt hues. Et wärt e Camp gin deen an d'Geschichtsbicher wärt agoen an daat alles während mir 100 Joér feieren!



Heimat erlaaben ech

méngem Scout/Guide

um Ouschtercamp (12.-15. Abrëll 2014)
deelzehuelen, iwwerweisen d'Suen am Délai an
reechen d'Souche mat Zaiten an.

Ënnerschrëft.....



Souche Wellefchers Sortie

Wellef

Wanns du well dobei sin, wann d 'Lions Bleus hiren Honnertsten Gebuertsdag féieren. Da melld dech seier un fir desen Moment net ze verpassen.

Weini: Samsdes den 12.Abrëll um 14.00 beim Home.

Mir machen eng flott Sortie mat Spill an Abenteuer an der Staad.

Enn: um 20.00 beim Home

D 'Elteren kennen um 17.45 och bei den Home kommen an un den Feierlechkeeten deelhuefen.



Fir lessen a Gedrenks as gesuergt.

Heimat erlaben ech

mengem Kand bei der Wellefchers
Sortie matzemachen den 12. Abrëll.

Ech kommen och op Gebuertsdagsfest jo / neen weivill ?

Ennerschreft

Souche Beaver-On-Tour

Beaver

Wanns du wells en flotten
Daag mat Beaver aus aaneren
Scoutsgruppen verbrengen
dann mell dech ganz seier un!
:)



Weini? Samschtes, den 03.05.2014

Ufank? Um 09:30 beim Cercle op der Place d'arme

Enn? Um 17:15 beim Cercle op der Place d'arme

Wat brauch ech?

Picknick, un d'Wieder ugepassten Kleeder
Bidon Wasser, fest Schong.

Präis? 5 Euro op den Beaverkonto iwerweisen wgl.



"Heimat erlaaben ech

mengem Kand dem

..... den 03. Mee 2014 um Beaver on tour

deelzehuelen.

Ennerschreft.....

Souche RoverWeekend 100: honnert@lionsbleus



Joerhonnert Rover-WE Mee 2014

Ass geschwënn erëm e Roverweekend ?
Awer Honnert !!!

Bass du Rover , Senior Scout oder Fossil Scout.... Ass och egal ! Mir huelen dech awer mat op den Joerhonnert Roverweekend.

Du bass motivéiert, hues keng Angscht am Donkelen, weess dech ènnert den dichtegen Léit ze behuelen, du bass Teamfaheg, hues kee Samett op der Zong, du kenns all d'Faarwen, kanns liesen a schreiwen, an besonnesch Detailer gutt entzifferen dann däerfs du op kee Fall dëse grousse Kino verpassen !

Sief kee Pak a mell dech féx un !

Rendez-vous : **Samschdes den 24. Mee 2014** um 10h00
op der Dummeldenger Gare

Retour : **Sonndes den 25. Mee 2014** um 17h00
op der Dummeldenger Gare

Umeldung : du kanns dech bis Samschdes den **17. Mee 2014** umellen.
Mell dech per SMS op folgend Nummer 691 79 02 38 un mat der
Mentioun « Ech si kee Pak + däin Numm » !
Aus organisatoresche Grénn huele mir keng Umeldung nom 17. Mee 2014 méi un !

Material : dat üblecht wat's de fir e Weekend brauchs, vergiess däi klenge Rucksak
fir den Trajet mam neidesche Material net, denk och un däi Wupp fir
Sonndes ze grillen (net däin eegenen J)

*Mir freeën eis op dech !
Organioune 100*

LES LIONS BLEUS
SCOUTS ET GUIDE
DE BONNEVOIE
affilié à la FNEL

IBAN LU82 1111 0498 5493 0000
Boite postale 1026 / L-1010 Luxembourg
Siège social: 61, rue du Pulvermühl / Bonnevoie

Pëngshtcamp


Wöllef,Scouten,Explorer,Rover



Joer

Virun 100 Joér hun sech déi éischte Kéier couragéiert Amateurscouten op der Heedeképpchen getraff vir d'Lions Bleus ze grënnten 100 Joér hu mir elo schon. Gett gesoot... An dëst feieren d'Lions Bleus natirlech dest Joér och!! Daat muss natirlech gefeiert gin an zwar mat dir zesummen. Am Kader vum Centenaire vun de Lions Bleus, wärte mir en spektakuläre Camp hun deen eenzegarteg an allen Hisichten wärt gin! Alles waat een iergendwei mat „100“ kann maachen. Wärten mir ennert d'Lupp huelen! Weltrekorder gi gebrach an opgestallt, Arennerungen vun 100 Joér kommen erop an du bass mat dobai!

An natirlech sin d'Beaver och dobai. Wells du awer nach net kanns an engem Zelt schloofen, kënns du den 9.Juni 2014 vir mat eis en flotten Daach ze verbrengen. Mell dech also séier un well 100 Joér feiert een nemmen eemol an wann et bis laancht ass, wärt een bereihen dass een net dobai war!



Wéini? --> Samstes, den 7.Juni 2014

Scouten,Explorer&Rover (SG/EX/RO): RV um 09.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg
Wöllef (LX): RV um 14.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg

Retour fir jiddereen? --> Dënschdes, den 10.Juni 2014 RV um 16.00 Auer beim Home LBB

Präiss?

50€, sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 31.Mee 2014, op den Compte: Les Lions Bleus-Rover (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000) mat der Mention "PC'100+Numm vum Participant"

Material?

Schloofsaack & Carrymatt fir dobauessen, Schwammsaachen, Gamelle & Kichenduch, Täschenluucht, Bierschong, liicht Schong, Wäschsaachen, Pijama, dem Wieder ungepassten Kleeder & Ersatzkleeder, dem Wöllefchen séng 5 Saachen...? --> Jumboskaart, Ego-Kaart oder 1 Rouden Ticket.

Souche?

D'Souche ass oofzeginn bis spéidstens den 31.Mee 2014 bei dengen Cheffen!!! Dono geet keen méi mat :(



Heimat erlaaben ech ménge
Wöllefchen, Scout, Explorer op der
Pëngshtcamp 100 den 7.-10. Juni 2014 deelzehuelen,
iwwerweisen d'Suen am Délai an reechen d'Souche mat
Zaiten an.

Ënnerschrëft.....



Souche Pëngschtsortie 100

Beaver




Joer



Virun 100 Joer hun sech déi éischte Kéier couragéiert Amateurscouten op der Heedeképpchen getraff vir d'Lions Bleus ze grënnten 100 Joer hu mir elo schon. Gett gesoot... An dëst feieren d'Lions Bleus natirlech dest Joer och!! Daat muss natirlech gefeiert gin an zwar mat dir zesummen. Am Kader vum Centenaire vun de Lions Bleus, wärte mir en spektakuläre Camp hun deen eenzegarteg an allen Hisiichten wärt gin! Alles waat een iergendwei mat „100“ kann maachen. Wärten mir ennert d'Lupp huelen! Weltrekorder gi gebrach an opgestallt, Arennerungen vun 100 Joer kommen erop an du bass mat dobai!

An natirlech sin d'Beaver och dobai. Wells du awer nach net kanns an engem Zelt schloofen, kénns du den 9.Juni 2014 vir mat eis en flotten Daach ze verbrengen. Mell dech also séier un well 100 Joer feiert een nemmen eemol an wann et bis laancht ass, wärt een bereihen dass een net dobai war!



Wéini? --> Méindes, den 9.Juni 2014 um 9.00 Auer beim Home LBB

Retour? --> Méindes, den 9.Juni 2014 um 18.00 Auer beim Home LBB

Präiss? 10 € sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 31.Mee 2014

op den Compte: Les Lions Bleus-Rover (CCPL IBAN Lu22 1111 7017 2426 0000) mat der Mention "PS'100-BV+Numm vum Participant"

Material? Klenge Rucksack mat Bidon (mat Waasser), Bic, Block an Sonnecreme, eng Kaap, K-Way, deck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder an 1 Rouden Ticket/Jumbokaart/E-Go Kaart

Souche? Ass oofzeginn bis spéidstens den 31.Mee 2014 bei dengen Cheffen!!! Dono geet keen méi mat :(



Heimat erlaaben ech méngem Beaver
..... op der **Pëngschtsortie 100** den 9.
Juni 2014 deelzehuelen, iwwerweisen d'Suen am Délai an
reechen d'Souche mat Zaiten an.

Ënnerschrëft.....



Bayreschen Gwend

5. Juli 2014

Reservatioun an
weider Detailer an der nächster Wandrous

Traditionellt Léiwefest am Thema Bayern Joërl

- = Brezeln
- = Maaskrüge
- = Blaskapelle
- = Trachten
- = Dirndl
- = Lederhosen
- = Blau
- = Weiß

& 100 joer Lions Bleus



Jubiläumsfeier zum 100-jährigen
Geburtsdag & Fotogallerie vun de leschte
Joëren

MIR FEIEREN 100 JOER LIONS BLEUS!

Een Verspriechen, een memorablen Roverweekend, en Pengshtcamp, en Léiwenfest,...an vill aner Aktivitéiten ganz am Zeechen vun onsem 100.Gebuertsdag!

12 ABRËLL 2014: LANCEMENT VUN DEN 100JOER LBB

24-25 MEE 2014: ROVERWEEKEND

7-10 JUNI 2014: PENGSCHTCAMP ZU BOUNEWEGL

16 JUNI 2014: BUTTONDAG

5 JULI 2014: LÉIWEFEST_HOME LBB

18 SEPTEMBER 2014: AG FNEL_HOME FNEL

21 SEPTEMBER 2014: REUNION DES CHEFS_HOME FNEL

29 NOVEMBER 2014: OFSCHLOSSFEST

Hal dech um lafenden: lionsbleus.lu

Feier mat eis 100 Joer Scoutismus zu Lëtzebuerg!

Save the date!

- | | |
|-----------|---|
| Mäerz 30 | "Rencontres photographiques" - Vernissage
vun enger Fotoausstellung - Munneref |
| Abrëll 26 | Gala Dîner - homeFNEL |
| Mee 4 | "Vide Grenier" - BA zu Gonschte vum
25. Gebuertsdag vun der ONGD-FNEL - Stad |
| Mee 10 | "Marche gourmande" - Stad |
| Mee 11 | Op der Sich nom Superscout
Veillée nomade - Miersch |
| Mee 22 | "Eemol Scout - Ëmmer Scout" - Vernissage
Expo am PostMusée |
| Mee 24 | Op der Sich nom Superscout
Veillée nomade - Diddeleng |
| Juli 17 | together2014
Ouverture vum Camp - Kierchbierg |
| Juli 20 | POW-WOW - Kierchbierg |
| Juli 20 | Geocaching Event um Camp - Kierchbierg |
| Juli 26 | together2014
Ofschloss vum Camp - Kierchbierg |

Nieft dësen Aktivitéite stinn nach eng sellechen aner Evenementer an Iwwerraschungen
am Kalenner, iwwert déi mir Dech wäerten d'Joer iwwer informéieren.
Wëlls Du um Lafende bleiwen ? www.fnel.lu.

Et ass fir jiddereen eppes um Programm.

Programm Beaver

BV - Programm



März

01.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
15.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
29.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00

Abrëll

05.-06.	Beavercamp	
12.	Promesse	
26.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00

Mee

3.	Beaver on tour	10.00 - 16.00
17.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
10.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
31.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00

Juni

9.	Pengscht-Sortie	
28.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00



Beaverlack
Lena & Nora & Alizée & Maiti

Programm Wellef

Lx - Programm

März

01.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00
15.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00
29.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00

Abrëll

05.	Sixerdag	9.30 - 17.00
12.	Promesse	14.00 - 20.00
26.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00

Mee

17.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00
31.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00

Juni

7.-10.	Pengscht-Camp	
22.	Faakelzuch	
28.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00



Lenks Patt

Breeze, Claude, Michel, Sophie, Fennec

Programm Scouting

Programm SG

MÄRZ

- | | | |
|-----|--|-------------|
| 01. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| | Leadershipversammlung vum Justin&Felix | |
| 08. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| | Leadershipversammlung vum Aleksis&Harry | |
| 29. | keng Versammlung --> EX/RO Raid vun der FNEL | |

ABRËLL

- | | |
|---------|-------------------------------------|
| 05. | keng Versammlung --> Ouschtervakanz |
| 12.-15. | OUSCHTERCAMP |
| 19. | keng Versammlung --> Ouschtervakanz |
| 26. | Truppenversammlung 14:00-16:00 |

MEE

- | | | |
|-----|---|-------------|
| 03. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| | LeadershipSortie Aleksis & Harry | |
| 10. | ??? (Marche gourmande...Veillée100) | |
| 17. | Truppenversammlung | |
| 24. | keng Versammlung --> RoverWeekend | |
| | LeadershipSortie Justin & Felix | |
| 31. | Truppenversammlung(Prép.PC) 14:00-16:00 | |

JUNI

- | | |
|---------|--|
| 07.-10. | PËNGSHTCAMP |
| 14. | keng Versammlung --> Pëngschtvakanz |
| 16. | BUTTONDAAG 100JoërlBB |
| 21. | evtl. Patrullenversammlung 14:00-16:00 |
| 22. | FAACKELZUCH & LBB-GRILL |
| 28. | Truppenversammlung |

Frohe
Ostern!



Atra/Tamia/Soa/Nicolas/Christophe/Mauro

Programm Explorer EX - Programm



März

08.03	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home
22.03	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home
29-30.03	Explorer Rover Raid		

Abrëll


12-16.	Explorercamp zu Letzebuerg		
26.04	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home

Mee

17.05	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home
24.-25.05	keng Versammlung --> Roverweekend		
31.05	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home

Juni

7.-10.06	Pëngschtcamp		
22.06	Faackelzuch & LBB Grillstand		
28.06	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home



Fir d'Unitéit : Tameng/Grizzly/Laurent/Eric

GRUPPENCHRËSCHTCAMP

03-05. Januar 2014

1. Dag, aus der Siicht vun engem Explorer

Wei dir jo all wësst hat den Goldlesack dësen Wanter nees en groussen Coup fir. Hien wollt meng wonnerschéin Staat opkafen! Mais dir kennt mech. Net mat mir dat doten!

Sou hunn ech also um 3. Januar, mëttes, op der Gare Leit recrutéiert, fir den Goldlesack ze stierzen. Et waren der -gottstéimirbäi- manner wei ech mir erwaard hat, mais se waren eng gutt Equipe. Ech hunn déi kleng "Beaver" an déi grouss "Wöllef" genannt. Zesummen si mir dann mat Kutsch a Päerd op Diddeleng gepilgert, fir mir meng Staat zeréckzeerkämpfen.

Et war schonn no der Donkelheet, wéi mir endlech eise Feind sichen konnten. Ech hunn se an klengen Grupp ausgeschéckt, Informatiounen bái verschiddenen Leit ze besuergen. Opgrond vun dësen Owesaktivitéiten, konnt ech dem Goldlesack säin ganzt Verbriechen endlech noweisen. Mais eise Wee loung nach virun eis, d'Goldstecker sammelen sech nämlech net vum selwen.

Den groussen Showdown huet also nach op sech waarden gelooss....

Den Sheriff,
Jack Volver

2.Dag

Moies um 8 Auer sin mir opgestaan an hun eis ugedo fir den Frühsport mat den Beaver, Wellefcher an Scouten, nom Frühsport hun mer eppes klenges giess an sin dann nodems d'Chargen ferdeg waren, zufouss op Kayl an den Besch gaanen an hun do puer flott Spiller gemach. Dono sin mer op d'lessensplatz gaangen dei dann awer huet missen an eng Garage verluecht ginn, well d'Wieder leider net wollt matspillen.. Nom Mettesiessen sin mer dann mat naassen Sachen an d'Minen gefuer mat engem klengen Zuch, wou et relativ fresch wor. Eisen Guide war immens fein an konnt all Fro genau beäntwerfen, zum Schluss sin mer dann rem mam Bus bei d'Home gefuer wou mer dann Nudelsgratin giess hun deen richteg gudd komm ass no dem lichten Mettesiessen. Währendems d'Wellefcher an d'Scouten, d'Chargen gemach hun, hun d'Cheffen an d'Explorer den Lions Casino am grousse Sall opgericht, deen richteg gudd ukomm ass an et war eng richteg gudd Stemmung dobannen. Nom Casino sin mer dann all erschöpft an d'Bett gaangen.

Eric

Rapports Explorer

Explorer

3.Dach

Mir sin kuerz firun 8 auer opgestan an hun eis ugedoen fir prett ze sin wann déi anner alleguer erwechen. Mir hun dann alleguer fir Moies giess an hun duerno eis Chargen gemach. Am Laf vum Moien hun d'Scouten, e puer Explorer an och e puer Cheffen ungefangen mat botzen an déi aner hun d'lessen firbered oder hun mat den Wöllef gebastelt.

Mëttes hun mir dann gegrillt an hun alleguer eis Sachen zesummengepackt. No nach e puer Spiller sin dann och d'Elteren komm. Mir hun nach alleguer eng Chaine des adieux gemach an d'Scouten an d'Wöllef sin dann hem gangen. D'Explorer sin nach mat an d'Home gangen fir do nach ze hëllefen alles auszepacken an anzeraumen.

Adrien



Explorersortie mam Velo

18. Januar 2014

Mir hun eis Mëttes um 2 virum Home mam Velo getraff. Mat e puer Startschwierechketen sin mir dann mat vill Loscht fortgefuer. Mir sin mam Velo bis an d Peitruss gefuer an hun do eng kleng Olympiade gemach. Mir haten verschidden Disziplinen wei : Asthängen, Ninja, Steinweitwurf an eng kleng kuerz. Mir hun alleguer eist Bescht gin an mir haten alleguer vill Spaß. Zum Schluss huet dann den Eric gewonnen an gouf och dofir eisgezechnet. Duerno sin mir dann erem bis an d Home gefuer an mir sin dann do sou geint 4 auer unkomm. Dann hun mir eis nach eppes guddes ze Drenken gegönnt mat enger langer Paus. Dann sin mir alleguer midd aver och frô hem gang.

Adrien

Explorersportsdag

12.Januar 2014

Den 12. Januar um 9h30 hun mir ons zu Steesel an der Haal getraff fir ons dann zesummen anzeschreiwen. Wéi mir dunn „offiziell“ ageschriwwen waren an jidwereen sain Unitéits T-shirt vum Tameng kritt haat sin mir ons émkleede gaangen an sin eran an d'Haal gaangen. Nodeems den Tahr d'Reegelen erkläert haat sin mer als éischte en klengen opwier Parkour gelaaf an hun dunn ugefaangen mat deenen verschiddenen Spiller. Mir haaten als éischten „Atelier“ Volley-Ball, wou mer schlussendlech ém 1 Punkt gewonnen hun.

Als nächst hun mer géngt eng vun den Englesche Gruppen Basket-Ball gespillt, wou mer och gewonnen hun. (Mir haaten, muss een soen, nawell en klengen Virdeel an Punkto Gréisst. :D) Fir déi éischte Ronn dun oofzeschléissen hun mer nach eng Kéier am Fussball uerdentlech verluer an sinn dunn raus op de Parking gaangen wou gegrillt gouf. Do hunn mer ons dann an der Keelt d'Türinger gutt schmaachen geloos an sinn nodeems zeréck an d'Haal gaangen wou et bedeitend méi waarm war. An der zweeter Ronn hunn mer rem e lengt Opwiermspíll gemaacht an hun dunn weider gemaacht mat 3 aaneren Spiller. Am éischte Spill, Völkerball, hunn mer dunn erem gewonnen (Woubäi een muss bemierken dass den Tameng vill vun der Aarbecht gemaacht huet).

Beim zweete Spill, Hockey hun mer gent eng Grupp vun Englesche Scouten gläichgespillt, woubäi si behaapt hun dass si een Goal méi geschoss haaten, waat net wouer war. Mir hun zum Schluss also missen e „Rematch“ spiller. Beim Frisby haaten mer géngt déi aaner Grupp keng Chance. mir hun verluer.

Den Hockey Rematch hun mer zum Schluss leider och em ee Punkt verluer.
No engem Finale match hun d'Wëll Sei dunn gewonnen an um 17h00 war de Spaass dun faerdeg an mir konnten heemgoen.

Ciaran

Rapports Scouten

Scouten

Rapport Goldgriewer-Kréschtcamp zu Diddelèng

vum 03-05.01.2014

Sou géint 9 Auer hun mir ons op der Gare an der Staat getraff an hun gekuckt wou mer hin mussen. Mir sinn mat dem Bus (nodeems mer en verpasst haaten) bis op ... (wees nüt mèi wou daat war) gefuer, wou mer dunn mat dem Trajet ungefaangen hun. D'Cheffen waaren schon erëm schéin knaschteg am verstoppen (ween kuckt schon an enger Poubelle), mais mir hun d'Messagen alleguereten fonnt, an sou géint 12 Auer konnten mer dun op engem Parking iessen. Nodeems mer laang getrëppelt waren, sinn mer dunn èm 17 Auer endlech am Chalet unkomm. Do hun mer eis Saachen ausgepaack an eis dréchen ungedoën, an sinn dun an de grousse Sall Nuddel-Grattin iessen gaangen. Nom lessen hun mer een Minifilm présentéiert kruut wou op misteriös Aart an Weis eng Persoun ermord gouf an lo hun mir missen um Nuetsspill erausfannen wèi, wou an mat waat dèi Persoun gekillt ginn ass. Dono waaren mir all sou freckt, dass mer schon em 10 am Bett louchen, an fest geschloof hun.

Aoifa

De Samschteg sinn mir Moies an den Bësch gaang, wou mer énnerwee kleng Spillercher gemaach hun. Ëmmer wann een gewonnen huet, kruut een Goldstécker. Dun sinn mir vun Diddeléng op Käl getrëppelt. An zu Käl hu mir e Bus op Rëmeléng geholl. Wéi mir zu Rëmeléng ukomm sinn, sinn mir an eng Garage/Scheier gaangen fir z'iessen. Nom lessen hun mir eis op den Wee gemaach fir bei de *Musée des Mines* zu Rëmeléng. Do hu mir vill geléiert vun engem Mineur séngem Liewen an all sain Material. No der Expeditioun sinn d'Beaver ofgeholl ginn. Du sinn mir op d'Bushaltestell gaangen fir erëm zerèck op Diddeléng ze fueren. Am Home kruten mir e gudden waarmen Théi an Liewkuch. Du kruuten mir gesot dass all Patrull e Sketch viirbereeden soll, dofir sinn mir dun erop eis préparèieren gaangen. E puer Stonnen duerno sinn mir iessen gaangen. Nom lessen hun mir eis Chargen gemaach. No den Chargen haten mir Casino Owend. Nodeems vill Goldstécker gewonnen oder verluer goufen sinn mir du schloufen gaangen. Déi midd Wöllef hun missten direkt schloufen, awer d'Scouten konnten nach e bëssiii schwätzen bis dass ét och Nuetsrou fir eis war. Natierlech d'Explorer konnten nach méi laang op bleiwen...

Julien Wald



Rapport Joerhonnertsmarsch:

organiséiert vun der FNEL



Joerhonnerts Marche 2014 - FNEL

D`Lions Bleus waren mat nach aaneren Scoutsgruppen déi éisch, déi um 09:00 mam Bus vun der Gare aus an de Bambësch gefuer sinn. Wéi mir am Bambësch ukomm sinn, kruut all Grupp een Ziedel wou drop stoung, op een op den gréngengen, rouden oder bloen Trajet geet.

Dono goufen d'Gruppen zait verschuewen lass geschéckt an jee no deem wéi eng Faarf Trajet een haat, war den Wee bis bei d'Mëttesplaatz aanescht. All Grupp kruut och nach en Ziedel mat, wou émmer drop geschriwwen gouf, wéini een bei engem Posten lass gaangen ass an wéini een bei dem nächsten rëm ukomm wor. Dono gouf dann déi ganz Zäit zesummen gerechent, wéi laang all Grupp am ganzen gaangen ass. An déi, déi am schnellsten waren, haaten gewonnen.

Op dem Wee waren och nach vill interessant Posten. Op der Mëttesplaatz hun mir Chili-con-carne giess an sinn dann den Wee weider gaangen bis rëm zeréck bei den Bus an sinn mat dem rëm zeréck op d'Gare gefuer.

Gewonnen hun den Joérhonnertmarsch 2014 vun der FNEL:
Dippécher Dachsen, Les Loutres & Les Aigles
SIMONIS Charel



1. GRAND PRIX DE LA PATROUILLE

WINNER: PATRULL ALBATROSS



An der Troupe ass elo en neien Contest agefouert gin. De Grand Prix de la Patrouille. Déi 3 Patrulle trieden an den verschiddensten Kompetitiounen géinteneen un an mussen Punkten sammelen vir dann herno de Wanderpokal, de Grand prix de la Patrouille. Dëse Praiss ass elo déi éischte Kéier verdeelt gin. Hei eis Gewinner vum éischte Grand prix an och e puer Andréck dovunner.

PATRULL stellt sëch fir:

Albatros

ALBATROS

Den Albatros ass den Vull mat deenen grësst Fliggelen an ét ass en Séivull.

Hien lieft némmer op der südlecher Hallefkugel vun der Aerd. Hien kritt eemol am Joér en Ee, an bleift sain ganzt Liewen mat dem selweschten Weibchen zesummen. Den Albatros ass meeschters waiss mat engem orangen Schniewel.

Ech heeschen Raphaël Flammang an sin 13 Joér aal. Ech spiller vill an gären Videospiller. Ech wunnen zu Bouneweg an meng Hobbien sin d'Scouten, wou ech schon seit baal 4 Joér sin. Ech hun èischter en rouegen Caracter.

Ech heeschen Alekxis an ech hun 13 Joér. Ech wunnen zu Bouneweg an sinn an den Scouten seit ech 6 Joér aal sinn. Ech spiller Waasserpolo am eenzegen lëtzebuergeschen Junior-Waasserpolo-team. Ech spiller ganz gären Fussball an sinn en groussen Eintracht Frankfurt Fan. Ech hun dèi finnësch an lëtzebuergesch Nationalitéit an sin als finnësch Dynamit-Staang bekannt.

Ech heeschen Nemesien Joachim an hunn 14 Joér. Meng Hobbien sinn d'Scouten an Velo fueren. Niewenbai sin ech Videozocker, leif an ech kann nüt gudd lëtzebuergesch schwätzen, mee dofir mat engem witzegen Akzent.

Moien, ech sinn den Justin Vinandy. Ech hun elo 15 Joér. An mènger Fräizäit sinn ech um Computer oder ech schwammen. D'Leit kennen mech an den Scouten well ech gär faul sinn an schloofen, wann ech näischt ze dinn hun. Meeschters sinn ech och nüt immens organiséiert.

Ech sinn de Charel, sinn 12 Joér aal an wunnen zu Stadtbredimus. Ech maache gär Judo an Volleyball. Ech spiller Querflütt an ginn ganz gär an d'Scouten.

Ech sinn den Max Majerus an ech hun 14 Joér. Ech wunnen zu Zëtteg op engem Baurenhaff. Ech sinn gär dobaussen an an den Scouten. Meng Hobbien sinn Klammen, Wakeboard, Kiteboard, Snowboard an mat mèng Geessen spazieren goën. An den Scouten sinn ech och èmmer hëllëfsbereed an motivéiert.



PATRULL stellt sëch fir: Honey Badger

HONEY BADGER

Ech sinn den Honey Badger. Ech sin eng Art Dachs an ech liewen an Afrika. Ech hun e schwaarzt Fell, mee op mèngem Rèck ass d'Fell waiss. Ech ernähren möch vun Schlaangen an leckerem Hunneg.

Ech heeschen **Isaac Foran**. Mèng Hobbyen sinn Fussball, Rugby, Danzen, etc... Ech sin 12 Joér aal. Main Hausdéier ass een Villchen.

Ech heeschen **Charel Simonis**. Main Hobby ass Schwammen. Ech sinn 13 Joér aal. Ech hun eng Katz.

Ech heeschen **Esteban Nemesien** an sinn 12 Joér aal. Ech spinnen Saxophon. Ech hun eng Katz an eng Schildkröt.

Ech heeschen **Maël Egerton** an ech hunn 10 Joér. Meng Hobbyen sinn Fussball an Schwammen. An ech hun keng Deiren.

Ech heeschen **Amaël Thébaud** an ech sinn 11 Joér aal. Main Hobby ass Basket ze spinnen an ech hun och eng Katz.

Ech heeschen **Julien Wald**. Ech spinnen Harf an Trombone. Ech hunn zwee Hénn an een Kueder. Ech sinn 13 Joér aal.

Ech heeschen **Felix Reiff** an sinn CP an eiser Patrull. Als Hobby spinnen ech Tuba an sinn mat vill Freed bei den Scouten dobai.

Ech sinn den **Harry**. Ech sin 13 an sinn an der Patrull Honey Badger. Ech hun eng kleng Schwester an eng Katz. Mèng Hobbyen sinn Judo, Schwammen an Basket. Mèng



KOALA

D'Dèier vun eiser Patrull ass den Koalabier.

Ursprünglech liewen d'Koalaen an Australien.

Den Liewensraum wou si liewen gët èmmer mèi vun den Mënschen futti gemaach dofir ginn ét an Australien vill Associatiounen die sëch èm Koala'en këmmeren.

Daat ass engersaits den Grond datt mir eis Patrull sou genannt hun.

Mir wëllen nämlech Suen sammelen fir den Koalabieren ze hëlfen.

Eis Patrull: Sarah, Ketty, Laura, Aoifa, Louise

Ech sinn d'Sarah, hun 14 Joér an sinn schon säit 8 Joér an den Lions Bleus. Ech hun eng Kaatz an mèng Lieblingsfaarw ass momentan rout. Ech sinn CP an der Patrull. Mèng Hobbien sinn Scouten, reesen, ski an liesen.

Ech sinn d'Ketty, sinn 12 Joér aal an säit 7 Joér an den Scouten. Doheem sinn mir zu 4 mat engem Hond an zwou Kaatzen. An der Fraizait ginn ech reiden an zeechnen. Ech sinn SP an mènger Patrull. <3

Ech sinn d'Laura an hun 11 Joér. Ech hun hellbrong Hoér an blo grèng Aan. Mèng Hobbien sinn Hip-Hop, Scouten an Volleyball.



Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



TECHUANA - Jugendcamp
St.Martin • Pfaffer See • Kärnten • Austria
H. Postgärtner, Hammelried 25, A-8800 Spittal
Telefon 0 4782 - 27714
E-Mail: techuana@techuana.at

Schei Bonjourer von
Techuana


PRIORITY



Tamia (Léonine) Marc
Nicole Felis Veron
S. Aleksis Eric THP
Amand Rose Louisa Linda

Zeltplatz und Ausbildungszentrale der Pfadfinder und
Pfadfinderinnen Österreich, LV Kärnten

Chouchi Grizzly



Les Lions Bleus
Scouts et Guides FNEL
61, rue de Pulvermühl
L-2356 Luxembourg




TECHUANA

Jugendcamp • St.Martin-Rosegg

LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op
vun 15h45 - 16h15 den:

15/03/2014
26/04/2014
17/05/2014



WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass émmer
Donneschdes op, ausser
während den Schoulvakanzan!!!

ALLGEMENG Datumer:

- 29-30/03/2014 Explorer - Rover Raid
30/03/2014 Vernissage zu Munnerëf
05/04/2014 Sixer Day
05-08/04/2014 Leadership Camp
26/04/2014 Gala Diner FNEL

- 26-27/04/2014 Bosses et bobos
03/05/2014 Beaver on tour
04/05/2014 Vide grenier
06/05/2014 Soirée Chef de groupes
10/05/2014 Marche gourmande

et schéngt

et schéngt

1. wéi wa bei de Lions Bleus elo de grousse Grand-Prix de la patrouille an d'Liewen geruff ginn ass.
2. wéi wa mer dëst Joërl an Techuana um Wantercamp immens vill Schnéi gehat hätten.
3. wéi wann sëch den Paradiesvugel en neit Snowboard zougeluecht huet an dat aalt verklappt hätt.
4. wéi wann d'nächst Joërl vill Cheffe studéiere géife goën.
5. wéi wann den Elch en neien Auto hätt.
6. wéi wa mir nach nie sou vill Schnéi an Techuana haten, an sou grouss Flacke gesinn hun.
7. wéi wann dat ge-e-mails nütz emmer dat Bescht wier.
8. wéi wann eisen Här Caissier eng nei Spillsaach hätt.
9. wéi wann nach aner Saache wéi d'Schnéiketten gefléckt hu missen ginn an Techuana.
10. wéi wann ee Knéi sëch verdréie kéint, an een dann vun engem Schnéimobil ooftransportéiert muss ginn.
11. wéi wann een nütz iwverall dierf parken, soss kritt een e lèiwen Ziedel mat enger Warnung an d'Scheif geluegt.
12. wéi wann d'blo Léiwen gläich weltwält vertruede wieren.
13. wéi wann eis Premières-Schüler-Cheffen nütz méi alt sou oft komme kéinten.
14. wéi wann dëst Joërl genuch Centenaires-Programm ungebueden gët fir déi Aktiv an Anciens.
15. wéi wann och dëst Joërl am Mee e flotte Roverweekend wier, an am gaang ass organiséiert ze ginn.
16. wéi wann no deem ganzen Gesammels vun den Schlofsäck fir d'Stëmm vun der Stroos och lo d'Verdeele kënnnt.
17. wéi wann déi al Clique sëch nees zesummefonnt huet fir regelméisseg zesummen an d'Sauna ze goën.
18. datt de Summercamp 'TOGETHER' um Kirchbierg en grousse Succès hätt mat sëngen Umeldungen.

et schéngt net nëmmen

et schéngt net nëmmen

1. wéi wann d'Patrull Albatross déi éischt Ronn ganz knapp fir sëch konnt entscheeden. (Félicitatioun ☺)
2. wéi wann eis d'Beem ee Stréch duerch d'Rechnung gemaach hun an eis bal op den Kapp gefall wieren.
3. wéi wann sain alt Bried elo mol endlech sou richteg agefuer gouf an Techuana.
4. wéi wann d'Lions Bleus zu Köln gläich kéinten een neien Sëtz opmaachen.
5. wéi wann deen alen Auto Techuana souwisou nütz gepackt hätt
6. wéi wa mir doduerch den éischten Daag nütz mol bis op d'Skipist fuere konnten.
7. wéi wann déi nächst AG besser am Comité préparéiert an d'Chargen och bësser verdeelt géife ginn.
8. wéi wann hien ewéi e geckegt d'Hung mat sëngem I-Pad no Wifi am Home géif schären.
9. wéi wann eng Gasluucht benutzt ginn ass fir ee Kabel ze léiden (alias Tüftler Makiiii)
10. wéi wann een dann nütz méi bis bei d'Hütt kënnnt, fir eng lecker Knoblauchsuppe z'iessen ☺
11. wéi wann den Auto mat sénger Remorque awer keng Plaatz um normale Parking kritt hätt.
12. wéi wann si ab September och zu Singapur eng Colonie grënne géifen.
13. wéi wann sie awer léiwer an den Scouten wieren, wéi doheem léieren ze mussen ☺
14. wéi wann d'FNEL en décke Programm géif ubidden, mee och d'Lions Bleus dogéint géifen halen.
15. wéi wann deen mega, hyper extraordinär géif ginn, extra fir eise Centenaire nach besser ze feieren.
16. wéi wann d'Explorer dës verdelen worn mat enger leckerer Taass waarme Schocki an engem klengen Dessert.
17. wéi wann sie deen Owend ganz gemittlech mat engem leckeren lessen an engem Patt ausklénge loosse géifen.
18. datt schon eng 1200 Leit ugemellt wieren national & international fir un dem memorable Camp deelzehuelen.

3 Méintprogramm

März'14

Sa 1 Beaver/Wöllef/Patrull

So 2

Me 3

Dë 4

Më 5 Permanence

Do 6

Fr 7

Sa 8 Troupe/Explorer

So 9

Me 10

Dë 11

Më 12 Permanence

Do 13

Fr 14

Sa 15 Beaver/Wöllef/Troupe

So 16

Me 17

Dë 18

Më 19 Permanence

Do 20

Fr 21

Sa 22 Patrull/Explorer

So 23

Me 24

Dë 25

Më 26 Permanence

Do 27 Comité

Fr 28

Sa 29 Beaver/Wöllef
FNEL EX-Raid

So 30 **FNEL EX-Raid**

Me 31

Abrëll'14

Dë 1

Më 2 Permanence

Do 3

Fr 4

Sa 5 LX Sixerdaag / BV Weekend

So 6 Beaver Weekend

Me 7

Dë 8

Më 9 Permanence

Do 10

Fr 11

Sa 12 Promesse LionsBleus 100

LX Sortie

Ouschtercamp Troupe

Ouschtercamp Explorer

So 13 Ouschtercamp Troupe

Ouschtercamp Explorer

Me 14 Ouschtercamp Troupe

Ouschtercamp Explorer

Dë 15 Ouschtercamp Troupe

Ouschtercamp Explorer

Më 16 Permanence

Do 17

Fr 18 Wandrouseinsendeschluss

Sa 19

So 20

Me 21

Dë 22

Më 23 Permanence

Do 24 Comité

Fr 25 Wandrousredaktionsschluss

Sa 26 Beaver/Wöllef/Troupe/Explorer

So 27

Me 28

Dë 29

Më 30 Permanence

3 Méintprogramm

Mee'14

Do 1

Fr 2

Sa 3 Patrull
Leadershipsortie Harry&Aleksis
BV on tour (FNL)

So 4

Me 5

Dë 6

Më 7 Permanence

Do 8

Fr 9

Sa 10 Patrull

So 11

Me 12

Dë 13

Më 14 Permanence

Do 15

Fr 16

Sa 17 Beaver/Wöllef/Troupe/Explorer

So 18

Me 19

Dë 20

Më 21 Permanence

Do 22

Fr 23

Sa 24 Leadershipsortie Justin&Felix

RO-Weekend 100

So 25 RO-Weekend 100

Me 26

Dë 27 Comité

Më 28 Permanence

Do 29

Fr 30

Sa 31 Beaver/Wöllef/Troupe/Explorer

Allerläsch Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



fnl
scouts & guides



i am Atra Baba and
i love cooking :-)



* THAT'S ALL FOLKS